LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro Nr. 5071 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

An de leschte 25 Joer huet den Educatiounsministère (MENJE) Konventioune mat der Associatioun "Foyer de la femme" fir zwou Aktivitéiten ofgeschloss. Eng Konventioun betrëfft d'Organisatioun an d'Finanzéierung vu Vakanzekolonien an d'Formatioun vun den Animateure fir dës Vakanzekolonien. Eng aner Konventioun gouf mam "Foyer de la femme" an der Gemeng Rëmeleng ënnerschriwwen, dëst fir d'Gestioun vun der Maison relais "Roude Fiels" zu Rëmeleng. De Familljeministère huet keng Konventioun mam Foyer de la Femme ofgeschloss.

Ad 2)

Nee, an de leschte Joren hu weder den Educatiounsministère, nach de Familljeministère nei Konventioune mam "Foyer de la femme" ofgeschloss. Et goufen och keng Konventioune gekënnegt.

Ad 3)

Bei Konventiounen, déi ënner d'ASFT-Gesetz (*Loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique*) falen, bezilt de Staat net selwer d'Salariéen, mee finanzéiert den Associatioune déi Käschten, déi an der Konventioun festgehale gi sinn respektiv déi gesetzlech virgesi sinn.

Bei der Konventioun fir d'Gestioun vun der Maison relais entsprécht dës der Finanzéierung, wéi se am Gesetz (*Loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*) festgehalen ass.

D'Konventioun fir de Vakanzendéngscht gesäit fir 2020 vir, datt fënnef ETP vum Staat remboursëiert ginn. D'Frais de fonctionnement vum Joer 2020 hunn sech op 111.676 € belaf, dorënner 3.720 € fir d'Indemnités aux bénévoles. Dës Indemnitéite waren fir d'Moniteuren an den Vakanzekolonien. Dës Montanten a Remboursementer hunn an de leschten Joren och net staark variéiert.

Doriwwer eraus huet de MENJE keng weider Indemnitéite fir Benevoller an hiren Decompte iwwerholl. Nieft dëse Konventiounen ass et den Associatiounen hir eegestänneg Decisioun, wéi si hir Benevoller indemniséieren.

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH